Naturschoul Lasauvage - Newsletter November 2017

1. Themewochen an der Naturschoul 2017-2018

Mir wollten iech och dëst Joer erem folgend Themewochen proposéieren fir dei der iech separat kënnt umellen.

1. Wat mëcht de Beiemann am Wanter? C2 + C3

Mir bake mat Hunneg, géisse mat Wuess a bauen och vläit Beierummen

2. Bionik-Woch C4



Wat hu mir Mënschen eis aus der Natur ofgekuckt fir eis technesch Erfindungen?

3. Transfair-Frühstück C4

Wat ass Trans-fair? Wei kënne mir eist Akafsverhalen mei solidaresch gestalten?

2. 30. Anniversaire vun der Naturschoul

Dir kritt demnächst eng elektronesch Invitatioun fir den 30. Anniversaire vun der Naturschoul den 26. Januar 2018 um 18:30 am Festsall vun der Zowaascher Schoul

3. Zeitung Natur an Technik

Denkt drun wann der ee Beitrag zu eiser Zeitung leeschte wëllt, an äre Besuch an der Natur- resp. Technikschoul flott dokumentéiert oder opschafft, eis dat zoukommen ze loossen da géinge mir dat an eiser Zeitung publizéieren.

Folgend Méiglechkeeten hudd dir fir eis dat zoukommen ze loossen:

- Am 365 d'Dokument opmaachen , «Partager » uklicken, dann « Naturschoul Lasauvage Members » antippen an dann nees « Partager » uklicken.
- Um Internet de Site www.wetransfer.com opman, « Ajoutez vos fichiers » uklicken, dann d'Dokument eraussichen, eis Adress « nature.lasauvage@ecole.lu » uginn an är Adress drënner, dann « Transférer » uklicken.
- Alles op ee Stick an eis laanschtbréngen.

4. Umeldungen

Maacht iech bäi mat den Umeldungen well et sinn der scho vill eran an iergendwann am Schouljoer gëtt et dann mei enk fir bäizekommen.

mat frëndleche Gréiss aus der Naturschoul
Marc, Roby, Georges a Laurent